



ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 29. Januar 2021

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesait, bidden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Familljeminister weiderzeleeden.

Fir datt eng Struktur, ewéi en Alters- oder Fleegeheem oder och en Heem fir Leit mat Behënnerung ze fleegen an ze betreien, hir spezifesch Déngschleeschung kann ubidden, muss si fir d'éischt en Agrement beim zoustännege Ministère ufroen.

An deem Kontext wéilt ech der Madamm Familljeminister gär folgend Froe stellen:

1. Wat fir Krittäre müssen erfëllt ginn, fir datt esou eng Struktur en Agrement vum Ministère kritt?
2. Wéi vill verschidden Zorten Agrement gëtt et a wéi eng Instanze sinn dofir verantwortlech?
3. Wéi a vu wiem gëtt kontrolléiert, datt dës Krittären agehale ginn, an a mat wat fir enger Reegelméissegkeet?
4. Wéi eng Konsequenze gi gezunn, wann Defizienzen an enger Struktur festgestallt ginn? Ginn et administrativ oder finanziell Sanktiounen?
5. A wéi engem Delai musse Strukture sech un nei gesetzlech oder reglementaresch Oplagen a Reglementer halen?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten